



## Léierorganisatioun

Kloer Virstellungen a Virgabe fir d'Gestalte vun der Aarbechtsplaz kënnen am Virfeld vill méiglech Problemer a Konflikter verklengeren oder verhënneren.

## Tipps

- Aarbechtsplaz
  - Eng fest Aarbechtsplaz ubidden, je no Bedürfnis vum Kand och Schaffen am Leien oder Stoen akzeptéieren
  - D'Aarbechtsplaz sollt fräi vun Oflenkunge sinn.
  - Et soll just d'Material do leien, wat ee fir déi Aufgabe brauch, déi ee grad mëscht.
  - Wa méiglech e rouegt Environnement hierstellen, eventuell mat Kopfhörer schaffen.
  - Äert Kand sollt am beschten ëmmer just un engem Fach/un enger Aufgab schaffen. Just dat dofir néidegt Material sollt um Pult leien.

- strukturierten Zäitplang:

- Eenegt Iech mat Ärem Kand op e gereegelten Oflaf vun den Haus- bzw. Léieraufgaben (Deroulement, Pausen, Hëllefsmëttel asw.) z.B. mat enger Checklëscht.
- Pausen aplanen an anhalen
- Strukturéierung vun der Zäit (iwwerschaubar Zäitvirgaben) mat Hëllef vun enger Auer, engem Countdown, enger Sandauer asw.
- Ofwiesslung vu verschiddene Materialien/Fächer
- Dem Kand Entscheidungen iwwerloossen

- Behaalt Är Routine:

Sech fir d'Schoul undoen, Pausen hunn, zu festen Auerzäiten iessen an zu festen Auerzäite schlofe goen, ass wichteg fir d'Kand.

- Fokus op Qualitéit anstatt Quantitéit:

Wann d'Kand net alles ka maachen, dann ass dat an der Rei. Wichteg ass et, säi Bescht ze ginn an dass et gesäit, dass et Progrèsen mëscht. Dofir ass et wichteg eng Prioritéitelëscht opzestellen.

- Motivatioun vum Kand



- Reagéiert virun allem op positiv Verhalensweisen anstatt op onerwünscht Verhalensweisen.
- Lueft Äert Kand vill, weist Ärem Kand, dass Dir stolz op seng Aarbecht a seng Méi sidd.
- Bleift gedëlleg, humorvoll an tolerant vis-à-vis vun Onopmierksamkeeten, Feeler, Mëssverständnesser a Middegkeet.
- Freet Iech mat Ärem Kand iwwert seng Aktivitéiten/Übungen.
  - Elteren si keng Léierpersounen

Dir hutt d'Recht Feeler ze maachen an net all Contenu ze kennen. Frot d'Léierpersounen ëm Rot, fir Äert Kand beim Léieren ze ënnerstëtzen.

**A VIRUN ALLEM! Loosst Äert Kand och mol a Gedanken, dat brauch een heiansdo, fir sech erëm besser konzentréieren ze kënnen.**